

# WAASSERFEST

SAMSCHDEG A SONNDEG
08. & 09.05.2021

## Programm

Naturpark Öewersauer
T. +352 89 93 31-1
info@naturpark-sure.lu

WWW.NATURPARK-SURE.LU
Naturpark Öewersauer



# D’Waasserfest am Naturpark Öewersauer emol anescht:

Wéinst bekannte Grënn kann d’Waasserfest dëst Joer net wéi normal stattfannen. Als Alternative bidde mir Iech verschidde Workshops an Aktivitéite ronderëm d’Thema Waasser an de 6 Gemenge vum Naturpark un. Fir jiddereen ass eppes dobäi: fir déi Grouss, déi Kleng, déi Sportlech, déi Kultur-Intresséiert, Entdecker, Naturfrënn,…

Sicht Iech Är Wonschaktivitéite ganz einfach raus a reservéiert am Viraus Är Plazen.

- D’Umeldung ass obligatoresch well d’Plaze limitéiert sinn. Et kann een sech just an eng Aktivitéit pro Dag aschreiwen!
- De genauen Treffpunkt vun der Aktivitéit kritt Dir bei der Umeldung matgedeelt.
- Et gëtt keen Iessen oder Gedrénks ugebueden.

  All vun der Regierung virgeschriwwe Mesuren am Kampf géint COVID-19 Pandemie, si strikt anzehalen.

# Naturpark Öewersauer





# Iwwerbléck:


1. Wanderung mat der Geschichtenerzielerin Melissa — **6**
2. Survival-Tour fir Kanner — **7**
3. Bodenprofilansprache — **8**
4. Visite guidée Duchfabrik — **9**
5. H2Only: Textil a Waasser — **10/11**
6. Naturkundlechen Trëppeltour ronderëm Esch-Sauer — **12**
7. Visite guidée zu Wooltz: Drénkwaasser an Epidemien am 19. Jh — **13**




8 Trëppeltour ronderëm de Béiwener Aarm **14**

9 Kanu-Tour um Stauséi **15**

10 Waasserfee, eng geféiert Wanderung fir Familljen **16**

11 MTB-Tour **17**

12 Open Water Schwamm-Kuer mam Guy Bertemes **18**

**Flooss-Course** **19**

**Passend zum Thema: Film WATERMARK** **22**



1

**08.05.2021**

14:00 - 16:30

Lëlz

L

## WANDERUNG MAT DER GESCHICHTENERZIELERIN MELISSA

D'Melissa erzielt gär ënnert fräiem Himmel, a Bëscher, Felder, um Waasser an u Flëss. Duerch d'Erziele vu Geschichten entsti Biller am Kapp, Fantasie gëtt ugereegt. Duerch d'Wandere spiere mir d'Energie vun de Naturelementer an mir erliewen d'Welt ronderëm eis erfrëschend nei. Des Wanderung laanscht Waasser ass fir Famille gëeegent.



2

## SURVIVAL-TOUR FIR KANNER

**08.05.2021**

13:30 bis 16:30

Wanseler

L, D, F

Erlief eng Wanderung queesch duerch Feld a Bësch a léier puer Tricke kennen, wéi een sech d'Liewen an der Natur méi angeneem gestalte kann. Heibäi ass Waasser ee wichtegt Thema! Nodeems mir ee Floss ouni Bréck iwwerquiert hunn, schloe mir eist Lager bei engem Feier op. W.e.g. bréngt äert eegent Täschemesser an ee klenge Picknick mat!



3

## BODENPROFILANSPRACHE

**08.05.2021**
10:00 - 12:00
14:00 - 16:00
**09.05.2021**
10:00 - 12:00
Géisdref
D

Wie sieht der Boden unter unseren Füßen eigentlich aus? Und welche Eigenschaften sind für das Wasser im Boden und die Versorgung von Pflanzen entscheidend? Schauen Sie sich einen Ackerboden und einen für die Region typischen Waldboden an und bestimmen Sie Schritt für Schritt deren Eigenschaften.



4

## VISITE GUIDÉE DUCHFABRIK

Bei dëser guidéierter Visitt kënnt Dir dovu profitéieren ee Bléck hanner d'Kulisse vun der Produktioun vum Duch vum Séi ze werfen. Hei gitt Dir intressant Detailer iwwert déi fréier Duchwiewerei gewuer  a kënnt déi al Maschinnen an Aktioun erliewen.

**08.05.2021**
14:30 - 16:00
L, D
**09.05.2021**
14:30 - 16:00
Esch-Sauer
L, F



**08.05.2021**
09:30 - 16:30
**09.05.2021**
09:30 - 16:30
Esch-Sauer
L, D, F

5

## H2ONLY: TEXTIL

De Projet H2Only, deen am Kader vun der europäescher Kulturhaaptstad Esch-2022, ausgeschafft ginn ass, gëtt dëst Joer um Waasserfest lancéiert. An engem Bitzatelier ginn Dekoelementer an de Mobilier (Sëtzkëssen, Hockeren...) aus ale Jeans-Boxe gebitzt, fir d'Waasserbar H2Only, déi bis d'Joer 2022 vun Esch-Sauer op Esch-Uelzecht wandert an iwwert déi wichteg Ressource Waasser sensibiliséiert.



## H2ONLY: WAASSER

Hutt Dir iech scho mol gefrot wisou net all Waasser d'selwecht schmaacht? Bei dëser Waasser-Degustatioun kënnt Dir, zesumme mat engem Expert, verschidde Waasserzorte schmaachen a vergläichen. (Dësen Atelier gëtt nëmmen ugebueden, wann d’COVID-19 Moßnahmen et erlaben!)

**08.09.2021**

14:00 - 15:00
16:00 - 17:00

Esch-Sauer

L, D, F



6

**08.05.2021**
14:30 - 17:30
**09.05.2021**
14:30 - 17:30
Esch-Sauer
L, D, F

## NATURKUNDLECHEN TRËPPELTOUR RONDERËM ESCH-SAUER

Op engem Trëppeltour ronderëm Esch-Sauer – ënnert anerem duerch de Groussebësch, den Dall vun der Weischbich an iwwert de Kuelebierg – gitt Dir Interessantes a Kuriéises iwwert d'Landschaft, d'Natur (Flora a Fauna), d'Notzung vum Waasser souwéi d'Geschicht vun a ronderëm Esch-Sauer gewuer. Den Tour ass knapp 5 km laang, et gëllt awer ronn 300 Héichtemeter ze iwwerwannen; deels op enge, géie Pied.



7

## VISITE GUIDÉE ZU WOOLTZ: DRÉNKWAASSER AN EPIDEMIEN AM 19. JH.

Eng geféiert Wanderung op der Sich no der Waasserversuergung an der Fräiheet Wooltz am 19. Joerhonnert, iwwert déi schlecht Waasserqualitéit Deemools an déi doraus entstanen Epidemien, an déi wéineg Mëttel déi d'Doktere vu Wooltz haten, fir der Bevëlkerung ze hëllefen.

**08.05.2021**
14:30 - 16:30
**09.05.2021**
14:30 - 16:30
Wooltz
L, D, F



**09.05.2021**

09:00 - 14:00

Béiwen

L, D, F

8

## TRËPPELTOUR RONDERËM DE BÉIWENER AARM

Op dësem geféierten Trëppeltour kucke mir eis d'Natur ronderëm dëse Säitenaarm vum Stauséi genau un. Laanscht d'Waasser, duerch de Bësch an iwwer landwirtschaftlech Flächen: eise Wee ass ofwiesslungsräich a bitt eis vill Spannendes fir ze entdecken an driwwer ze schwätzen.



9

## KANU-TOUR UM STAUSÉI

**08.05.2021**
09:30 – 13:30
Lëlz
L, D, F

Natur Excursioun mol anescht! Op enger entspaanter Kanu-Tour paddele mer vu Lëlz bis bei de Bëschentdeckungszenter Burfelt, wou d'Naturverwaltung mat enger flotter Aktivitéit op eis waart. Um Wee dohin an och rëm zeréck kucke mer eis d'Natur ronderëm de Stauséi un a schwätzen driwwer.




10

## WAASSERFEE, ENG GEFÉIERT WANDERUNG FIR FAMILLEN

**09.05.2021**
10:00 - 12:30
14:00 - 16:30
Eschduerf
L, D, F

Zesumme wëlle mir um thematesche Rondwee vun der Waasserfee d'Waasser mat all eise Sënner erliewen. Op 4,5 km gi dir zesumme mat engem Mataarbechter vun der Naturparkschoul op eng spannend Entdeckungsrees vun eiser Regioun a vum Element Waasser. Des Wanderung ass fir Famille gëeegent.



11

## MTB-TOUR

Op dëser Tour kënnt Dir den Naturpark iwwer Trails a Bëschweeër mam eegene Mountainbike erfuerschen. Bei klenge Pause gitt Dir Fakten zu Natur, Drénkwaasser a nohalteg Bewirtschaftung vun der Regioun gewuer. Jiddereen, ob mat wéineg oder vill Konditioun, a Jiddereen deen scho mol op liichten Trails gefuer ass, kann hei matmaachen.

**09.05.2021**
15:00 - 17:30
Bauschelt
L, D



12

## OPEN WATER SCHWAMM-KUER MAM GUY BERTEMES

**09.05.2021**

11:00 - 13:00

Lëlz

L, D, F

Dëse Kuer, deen ënner héije Sécherheetsmoossnamen organiséiert gëtt, soll Ufänger d'Schwammen an oppene Gewässer nobréngen. Eise Stauséi bitt heifir di perfekt Kuliss, well et besonnesch hei op ee verantwortungsvollt Verhale géigeniwwer vun der Natur, eisem Drénkwaasser a sech selwer ukënnt. D'Participant'en solle gutt schwamme kënnen a musse mindestens 12 Joer hunn. Een Neopren ass Viraussetzung a ka virum Start vum Kuer fir 8 € ausgeléint ginn.



## FLOOSS-COURSE

Wéi all Joer, wäerte mir och fir d'Waasserfest 2021 eng Flooss-Course organiséieren. Des wäert nom Waasserfest ouni Public ausgedroe ginn. Fir mat ze maache kenn dir eis är selwergebastelt Floosser bis den 11. Mee am Naturpark ofginn. Mat maache lount sech, well wéi all Joer sinn nees flott Präisser ze gewannen!

**Delai: 11.05.2021**





## Fir ee Flooss mat Seegel brauchs du:

- ☐ Holz (Aascht ø ± 2 cm, Briet, …) oder aner Naturmaterialien
- ☐ Ficelle
- ☐ Seegel (Stoftreschter aus Kotteng o.ä)
- ☐ Handwierksgeschier (Schéier, See, Secateur, Feil, Hummer)
- ☐ Bësselche Gedold a Fantasie



**Net erlaabt si:**
Neel, Drot, Plastik, Koll,…

**Gréisst:**
Däi Floss muss op een DIN A4 Blat passen (21 x 30 cm) an däerf max. 30 cm héich sinn!








## Kleng Uleedung

Mat dengem Holz baus du eng Fläch, déi net méi grouss wéi een DIN A4 Blat dierf sinn. Heifir kanns du z.B. d'Äscht niewentenee leeën a mat enger Ficelle zesumme bannen. Dobäi no all Aascht d'Schnouer iwwerkräizen. Et kann een och 2 Äscht queer zu dëser Fläch fest maachen.

Da bleift nach de Mast. Dëse kann een z.B. mat Fiedem déi een em de Mast wéckelt un de Queer-Äscht op all Säit fest maachen.



Däi Seegel kanns du sou bemole wéis du Loscht hues. Fir ze befestege kanns du 2 méi dënn Äscht Uewen an Ënnen um Stoff festmaachen an duerno um Mast befestegen.

Mir si schonns gespaant op är Floosser. Vill Gléck a Schiff ahoi!

### Course op der Sauer

Fir bei der Course matzemaache kanns du däi Flooss bei enge vun den Aktivitéiten um Waasserfest ofginn bzw. bis spéitstens den **11. Mee 2021** am Naturpark zu Esch/Sauer. Dëst Joer wäert eis Flooss-Course ouni Zuschauer stattfannen. D'Gewënner gi vun eis kontaktéiert. Däi Boot kanns du ab dem 22.05 nees bei eis an de Naturpark siche kommen.



## PASSEND ZUM THEMA:
# FILM WATERMARK

**04.05.2021**
20:00
Bauschelt,
Centre culturel
3, Rue de la Mairie

**D'Gemeng Bauschelt organiséiert den 04.05. ee Kino-Owend mam Documentaire Watermark.**

„Der Dokumentarfilm WATERMARK, der mehrfach ausgezeichneten Regisseurin Jennifer Baichwal sowie des international bekannten Fotografen Edward Burtynsky, zeigt den Zuschauern in faszinierenden Bildern die universelle Bedeutung von Wasser für den Menschen und welchen Stellenwert diese wichtige Ressource für die Zukunft hat.

Begeben Sie sich auf eine beeindruckende virtuelle Reise zu verschiedenen Orten auf der Welt, die der menschliche Eingriff in den Wasserkreislauf tiefgreifend verändert hat. Im Anschluss an den Film bleibt uns Zeit, um über das Wasser in unserer Region zu diskutieren."

**Weider Infoen an Umeldung:**

**937208**
**felicie.reuter@education.lu**

## 12 Weeër - 12 ënnerschiddlech Landschaften!
## Dat ganzt Joer iwwer op eege Fauscht erliefbar.

**Méi Infoen op www.naturpark-sure.lu**





**Umeldung obligatoresch:**

**Naturpark Öewersauer**

**T. +352 89 93 31-1**
**info@naturpark-sure.lu**

Photos: C. Martin, R. Clement, Edward Burtynsky, pexels/mali maeder, Naturpark Öewersauer